PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/08/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Gesondheet weiderzeleeden.

An enger virrechter parlamentarescher Fro, huet d'Santésministesch erkläert, dass no der Procédure ouverte accélérée elo een neie Fournisseur fir medezinesche Cannabis fonnt gouf. D'Bestellunge schénge gemaach an de Ministère schätzt, dass déi éischt Liwwerungen Enn September zu Lëtzebuerg ukommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Gesondheetsministesch Detailer zum néie Fournisseur ginn (d'Hierkonftsland, ginn och aner Länner vun dësem beliwwert,...) ?
2. Wat fir ee Montant gouf vum Gesondheetsministère beim Finanzministère gefrot? Wat fir eng Zäitspan soll mat dësem Budget ofgedeckt ginn?
3. Wat fir Produiten an a wat fir Quantitéite gouf an enger éischter Instanz bestallt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député